Thema: **Krëschtdag** (Dezember 2009)
Virlag (ech hun e puer Ännerungen gemaach)

La robe de Noël - Satomi Ichikawa
ISBN 978-2-211-07792-7 – lutin poche de l´école des loisirs

Le petit lapin de Noël – Olga Lecaye
ISBN – 978-2-211-05094-4 - lutin poche de l´école des loisirs

Le Père Noël est en retard – Agnès de Lestrade / Dorothée Jost
ISBN -978-2-244-40524-7 – Editions Lito

D'Kanner aus dem Cycle 3.1. an dem Cycle 3.2. hun des 3 Bicher a gemëschten Gruppen zesummegesat.

Sie hun d'Biller virun sech ausgebreet an dunn d'Texter gelies; eigentlech hun sie nët all eenzelt Wuert misse verstoën, awer unhand vun Schlësselwieder konnten sie d'Biller identifizéieren.

Ech hun d'Reienfolleg kontrolléiert an d'Kanner hun dun d'Biller an den Text op ee faarwege Kartonspabeier gepecht a mat enger Klamer uneneen geheft, sou dass sie um Enn vun deenen +- 70 Minuten hiert Buch an der Hand haten.

Fir déi méi schnell Gruppen hun ech zum Schluss nach d'Méiglechkeet virgesinn, selwer eng kleng Geschicht oder och einfach nëmmen e puer Sätz ze schreiwen.

Déi eenzel Gruppen hun um Enn e puer Sätz vun „hirer" Geschicht virgelies a konnten dat Buch dunn och mat an hir jeweileg Klassen huelen wou jiddereen sech et kann aus der Klassebibliothéik ausléinen fir ze liesen.

Vill Spaass

Christiane Muller-Godart
Cycle 3.1
„An der Dällt" - Schëtter